N°4119
Entrée le 02.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4119 vum 20. Mee 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Här Ben Polidori a Madamm Claire Delcourt iwert "Gestion du loup au Luxembourg"**

**Wéi gëtt séchergestallt, datt soubal e Wollef hei am Land nogewise gëtt, dëse konsequent iwwerwaacht gëtt?**

Et gëtt keng spezifesch Iwwerwaachung bei Solitärwëllef, déi net fest hei ugesidelt sinn, gemaach. Falls et net bei enger Eenzelbeobachtung bleift, mee sech bei de Rëss, bei deenen all Kéier eng DNA-Prouw gemaach gëtt, erausstellt, datt ëmmer dee selwechte Wollef involvéiert ass, da ka seng permanent Openthaltszon méi genee festgeluecht ginn.

**Wéi vill Attacke vu Wëllef goufen et säit 2017? An a wéi vill Fäll gouf eng Entschiedegung ugefrot an ausbezuelt?**

Säit 2017 gouf et sechs Fäll vun Iwwergrëff op Notzdéieren, wou de Wollef zu 100% bestätegt konnt ginn ("eindeutiger Nachweis", C1), an zwee Fäll vun Iwwergrëff op Notzdéieren, wou de Wollef op Grond vun Indizie bestätegt konnt ginn ("bestätegter Hinweis", C2). An deenen aacht Fäll gouf eng Entschiedegung ugefrot an och ausbezuelt, mat engem Taux vun 100% vun der Valeur vum Verloscht, wéi e vum *Service de la production animale* vun der ASTA berechent gouf.

Zousätzlech dozou gouf et zwee Fäll, déi als "unbestätigter Hinweis" (C3) klasséiert goufen, wou also de Wollef als Verursaacher net bestätegt, awer och net ausgeschloss konnt ginn. An deene Fäll gouf eng Entschiedegung ugefrot an och ausbezuelt, mat engem Taux vu 75% vun der Valeur vum Verloscht.

**Wéi laang hunn déi betraffe Baueren am Schnëtt op d'Entschiedegung gewaart?**

Déi ganz Prozedur dauert am Prinzip 2-3 Méint.

**Ass den aktuelle Kader vun Entschiedegungen, Subventiounen adequat fir all d'Verloschter, och indirekt Käschten a Preventiounsmoossnamen, ofzedecken?**

Jo, den aktuelle Kader deckt all Käschten of, souwuel den direkte Verloscht wéi och indirekt Käschten a Preventiounsmoossnamen.

D'Verloschter ginn zu 100% entschiedegt wann ee Wollef oder méi Wëllef via d'genetesch Analysen als Verursaacher identifizéiert ginn. D'Valeur vum Schued gëtt vum *Service de la production animale* vun der ASTA berechent an duerno vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ausbezuelt.

Wann d'genetesch Analysen näischt erginn, de Wollef awer och net kann ausgeschloss ginn, gëtt de Bauer zu 75% entschiedegt.

Zousätzlech zum Verloscht vum gerassenen Déier ginn och indirekt Käschten ofgedeckt déi nach ugefall sinn wéi z. B. Veterinärskäschten.

D'Preventiounsmoossname ginn zu 75% ofgedeckt.

**Ass den Aktiouns- a Gestiounsplang fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg aus dem Joer 2017 nach ëmmer aktuell, oder muss en ugepasst ginn?**

Dee Plang ass nach ëmmer aktuell. Verschidde Mesure goufen 2023 an engem Reglement formaliséiert (*Règlement grand-ducal du 30 août 2023 concernant l'indemnisation des dégâts matériels commis parcertaines espèces animales protégées et les subventions pour les mesures préventives y relatives*).

**Wat fir Diskussiounen a Moossname goufen zënter der leschter confirméierter Attack vun engem Wollef am Februar, gefouert, bezéiungsweis geholl?**

Et goufen zënterhier keng zousätzlech Moossname geholl. Am Februar goufen zwee confirméiert Eenzelnoweiser vu weibleche Wëllef festgestallt, déi duerno net méi reperéiert goufen. D'ANF steet de Biergerinnen a Bierger bei Froen zur Verfügung a bedeelegt sech och un Informatiounsveranstaltungen, wéi dem Informatiounsowend iwwert de Wollef den 1. Juli zu Wolz, organiséiert vun de Gemenge Wolz a Wanseler.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit